



N° 5793  
Reçue le 22.02.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 22.02.2022

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/02/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'Fro 2979 vum 13. Oktobre 2020 sot d'Ministesch:

*"Well zur Zait, weder an dësem Fall, nach an engem aneren Fall, d'Situatioun sech presentéiert huet, dat en Medeziner deen zu Lëtzebuerg exerzéiert, no dem Ausstellen vun senger Autorisation d'exercer zu Lëtzebuerg, sain droit d'exercer am Ausland komplett an definitiv verluer huet, ass et nach nët zu dem Ëmstand komm, deen den Honorablen Députéierten beschreift. Fir sou Fall awer virzebeugen, analyséiert den Gesondheitsministère zur Zait, wéi eng nei gesetzlech Regel kéint an deem Fall graifen, fir dat eng komplett an definitiv Radiatioun am Ausland d'office kéint zu enger Radiatioun zu Lëtzebuerg féieren."*

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Goufen déi ugeschwaten Analyse schonn ofgeschloss?  
Falls jo, zu wéi enge Konklusiounen ass ee komm?  
Falls nee, firwat net a bis wéini ass mat engem Resultat ze rechnen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



**Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5793 vum 21. Februar 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

Den Gesondheitsministère huet effektiv, déi an der Äntwert op d 'Fro 2979, ugedeiten Analyse ofgeschloss. D 'Konklusioun dovun ass, datt dat ofgeännert Gesetz vum 29. Abrëll 1983 iwver den Exercice vun den Medeziner, Zännokter an Vétérinaire ugepasst muss ginn, fir eng nei gesetzlech Regel anzeféieren. Dës Regel gouf virgesinn dat, am Fall wou eng Persoun déi zu Lëtzebuerg eng Zouloossung an engem vun deenen dräi Beruffer huet, an an engem aneren Land eng Strof géint dës gesprach ginn ass am Kader vun där hier Zouloossung suspendéiert ginn ass, verléiert sie hier Recht zu Lëtzebuerg z'exercéieren, fir déi selwecht Periode. Am Kader vun enger nächster Upassung vum uewegenannten Gesetz vun 1983, géif eng Bestëmmung an deem Sënn mat afléissen.

Lëtzebuerg, den 24/03/2022

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert